**Léif Kolleeginnen a Kolleegen,**

Ech begréissen iech alleguerte ganz häerzlech op eisem 1. Mee hei zu Réimech.

E ganz grousse Merci dem Buergermeeschter an dem Schäfferot vun der Gemeng Réimech a ganz besonnesch de Mataarbechter vum Service Technique.

**Léif Kolleeginnen a Kolleegen,**

Mir hunn haut och e Videomessage vun der Presidentin vum OGBL, dee mir iech elo géife virspillen.

Ech géif dann och de Kolleege vum OGBL, déi haut an der Abtei neimënster zesumme kommen, ee schéinen 1. Mee wënschen.

**Léif Kolleeginnen a Kolleegen,**

Dësen 1. Mee ass effektiv anescht! Zu alleréischt musse mir feststellen, datt Krich, Misär an ekonomesch a sozial Ongewëssheet sech ëmmer méi ausbreeden op dëser Welt. Nieft dem russeschen Iwwerfall op d'Ukrain, deen elo scho méi ewéi 4 Joer unhält, gesäit een ëmmer méi schlëmm Grujelegkeeten am Gaza, a Syrien, am Sudan an am Libanon an op villen anere Plazen op der Welt!

Dem Trump seng Virgoensweis am Iran wäert dann och net dozou féieren, datt de Regimm, dee mënscheveruechtend op seng eege Bierger schéisse léisst, well se mat Ënnerdréckung a Willkür net méi averstane sinn, op een Enn kennt. Vill méi riskéiert des verréckten Decisioun vun den US-Amerikaner, nach méi mënschlecht Leed an dës Regioun vun der Welt ze bréngen.

An déi weltwäit Konsequenze sinn haut nach net ofzegesinn. Eng Energiekrise, eng wirtschaftlech Rezessioun an esouguer eng Hongersnout, well den Iran elo de Schëffsverkéier viru senger Dier blockéiert an elo net nëmme Pëtrol a Gas, mee och Dünger an aner wichteg Matièren als Drockmëttel benotzt.

Dëse Krich huet d'Potential d'Welt a Flamen ze stiechen a wéi sech dat Ganzt laangfristeg berouege léisst, ass net ze gesinn. Et gëtt éischter all Dag nach eng dropgesat! Den Trump huet all Retenue verluer a leeft ewéi e Brandstëfter duerch d'Welt, e politeschen a militäresche Pyroman, deem d'Mënschen, op déi hien seng Bomme gehäit, leschten Ends egal sinn.

Dofir gëtt et héich Zäit, datt déi politesch Responsabel an Europa erkennen, datt mir eis vun den USA mussen emanzipéieren an eis och deementspriechend organiséieren a positionéieren. Mir wëlle keng bëlleg Kopie vun den USA ginn, well d'Äntwert ass net den Nationalismus, mee ee soziaalt, staarkt a demokratesch Europa.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Natierlech ass Europa an och eist Land voll an dësem Stuerm mat dran. An natierlech froe mir eis all, ewéi sech leschten Ends d'Auswierkungen op eist Land, eis Ekonomie, mee besonnesch op d'Mënschen, déi hei schaffen a liewen, wäerte weisen.

Mir liewen elo zanter der sanitärer Kris an der Ongewëssheet. Mir fale vun engem Probleem an deen aneren. Energiekris, Inflatioun, Versuergungskris, Chômage, Rezessioun: alles dat sinn zanter elo bal 6 Joer Begrëffer, déi vill ze vill eisen Alldag beaflossen.

Dofir géif een sech wënschen, datt hei am Land d'Regierung eng Politik op de Wee bréngt, déi de gesellschaftlechen Zesummenhalt stäerkt. Déi dofir suergt, datt d'Gesellschaft net gespléckt gëtt, also eng kohärent Wirtschafts- a Sozialpolitik, déi dëst Land an d'Leit viru bréngt!

Mee leider, Kolleeginnen a Kolleegen, ass dat mat der aktueller Regierungspolitik net de Fall. Dës Regierung mécht nämlech carrement de Contraire.

An enger Situatioun, wou d'Mënschen net nëmmen duerch de Krich am Iran veronséchert sinn, wou déi éischt Konsequenze fir d'Leit all Dag op der Pompel kloer am Portmonnie ze spiere sinn. An dëser Situatioun decidéiert d'Regierung, en cavalier seul, wat d'Ëmsetze vun der Direktiv iwwer adéquat Mindestléin an de Memberlänner vun der EU ugeet.

Zwee an en halleft Joer an zwee Aarbechtsministeren braucht dës Regierung, fir de Mënschen am Privatsektor bäizebréngen, wat se wëlles huet ze maachen. Nämlech näischt, guer näischt, NADA.

D'Argumentatioun, datt et jo geschwënn eng Indextranche gëtt an dann, oh jo, och nach en Ajustement, dee jo souwisou all 2 Joer soll gerechent gi fir de Mindestloun un d'Lounentwécklung hei am Land unzepassen, ass genee dat, wat et ass: eng Upassung vum Mindestloun un d'Inflatioun an un d'Lounentwécklung hei am Land. Näischt manner awer och keen Eurocent méi!

Eng strukturell Upassung vum Mindestloun, fir de Prinzippie vun der Direktiv Rechnung ze droen - dat heescht sécherzestellen, datt d'Mënschen dezent vun hirer Paie kënne liewen an déi sozial Kohäsioun ze stäerken - ass dat doten op jiddwer Fall net!

Wann dës Virgoensweis dann nach argumentéiert gëtt, ewéi dat elo geschitt ass, nämlech ugangs der Diskussioun lescht Joer d'Fonction Publique auszeklammeren, oder de gratis ëffentlechen Transport unzerechnen an da schlussendlech, Referenzwäerter ze fannen, wou een dann eben näischt muss maachen.

Dann Kolleeginnen a Kolleegen, dann ass dat kee schlechte Witz, et ass e Fouss hanne bäi fir déi Léit, déi hei am Land mat klenge Paien op wichtege Plaze schaffen, fir datt eis Land ka funktionéieren, datt d'Ekonomie kann dréinen. Et ass Gespills mat de Mënschen, déi fir de Mindestloun schaffen! Et ass eng reegelrecht Frechheet! Et ass inakzeptabel! An et muss eis als Gewerkschafte revoltéieren. Sozial Gerechtegkeet gesäit anescht aus!

**An Kolleeginnen a Kolleegen,**

Wann een dann esou virgeet, ewéi dës Regierung an déi soi-disant bescht Mathematikerin, déi dëst Land an der Regierung opweise kann, op d'Gewerkschafte lassléisst, fir no 2,5 Joer Geplänkels eraus ze fannen, datt een näischt als Regierung wëll maachen, dann ass dat och de Geck mat de Gewerkschaften an hiren 125.000 Membere gemaach.

Et mécht een eis Aarbecht erof, et hëlt een se net seriö, 100 Joer Syndikalismus, 100 Joer Asaz fir d'Mënschen an d'Betriber hei am Land ginn entwäert mat enger Zorte Schoulstonn. Méi arrogant a méi dämlech geet et jo awer net. An dofir war dat Gespills och no exakt 53 Minutten eriwwer!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Fir et ee fir allemol kloer ze soen, d'Union OGBL an LCGB huet hir Berechnung op déi selwecht Manéier gemaach, ewéi den Ajustement gerechent gëtt, ewéi d'OECD, also kee Fanclub vun de Gewerkschaften, gerechent huet.

An deemno, Kolleeginnen a Kolleegen, misst de soziale Mindestloun hei am Land ronn 11% also 300 Euro opgebessert ginn, fir datt en der Direktiv gerecht gëtt! Elo ass et awer richteg, datt dës Direktiv e Guide fir déi eenzel Memberstaaten ass, wou d'Regierungen opgefuerdert ginn, déi néideg politesch Decisiounen ze huelen.

A well eis Regierung elo esou couragéiert ass, wëll se hir Decisioun, fir näischt ze maachen, hannert enger Milchmädchenrechnung verstoppen, déi hannen a vir net opgeet an déi och esou an dësem Land nach ni beim Ajustement appliziéiert ginn ass. Dat ass falsch!

Fakt ass, Kolleeginnen a Kolleegen, datt dës Regierung bei der struktureller Opwäertung vum Mindestloun näischt wëll maachen, dat och esou decidéiert huet, awer net zu dëser Decisioun wëll stoen. Dat ass net nëmme falsch! Dat ass och nach feig!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

D'Regierung mee besonnesch den Aarbechtsminister a verschidden Deputéierte vun der gréisster Regierungspartei si beméit, besuergt, jo reegelrecht fixéiert drop, des Regierungspolitik ganz besonnesch sozial blénken ze loossen. Allocations de vie chère an der anerer Wohltaten nach méi ginn op de Wee bruet, fir deene sozial schwaache beim Mindestloun an iwwregens och béi der Mindestrent ënnert d'Äerm ze gräifen.

Eng anstänneg Sozialpolitik ersetzt d'strukturell Opbesserung vum Mindestloun an der Mindestrent net duerch eng soit-disant Caritaspolitik, wou d'Hären an Damme vun der schwaarzbloer Majoritéit dem Vollek e puer Grimmele virun d'Féiss geheie wëllen.

E Mënsch muss vu senger Aarbecht dezent kenne liewen. E Mënsch, deen säi ganzt Liewe geschafft huet, muss och vu senger Rent dezent kenne liewen. Dat gëllt net nëmme fir d'Fonction publique an d'Chefetagen, datt muss fir alleguer d'Mënschen an dësem Land gëllen, nediert Här Premierminister.

Des Regierung ass am Gang, déi selwecht Feeler ze maachen, ewéi viru Joerzéngten d'Regierung Schröder an Däitschland. Amplaz, ewéi hei am Land a Krisenzäiten op Existenzsécherung an en anstännege Mindestloun ze setzen, si mat Hartz-4 d'Mënschen an den existenziellen Abseits gedriwwe ginn. D'Konsequenz war d'Veraarmung vun der Bevëlkerung, an de Geck ass gemaach gi mat deenen, déi fir Mini-Job a Mini-Léin nach sollte schaffe goen.

An haut 20 Joer méi spéit sinn d'Nationalsozialisten 2.0 an de Sondage déi stäerkst Partei an Däitschland.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Schaffen, Aarbecht ass fir eis e Mënscherecht a schaffe muss sech rentéieren. Alles anescht féiert an de sozialpolitesche Misär an destabiliséiert eis Demokratie.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Zwee an en halleft Joer sinn d'Gewerkschaften elo mat dëser schwaarz-bloer Regierungspolitik konfrontéiert. Zwee an en halleft Joer, wou näischt Positives, keng Verbesserung fir d'Leit aus dem Privatsektor op de Wee bruecht ginn ass. Zwee an en halleft Joer, wou d'Regierung am Contraire decidéiert huet, d'Sonndesaarbecht an d'Ëffnungszäiten am Commerce quasi komplett ze liberaliséieren.

Zwee an en halleft Joer, wou beemol eng Diskussioun ronderëm eise Pensiounssystem vun der Regierung lassgetréppelt ginn ass, obwuel esou ee wichtege Sujet kee Rôle an de Wahlprogrammer gespillt huet an obwuel de Spëtzekandidat vun der gréisster Regierungspartei nach am Walkampf deklaréiert huet, d'Pensioune wiere fir hie kee Sujet.

Iwwregens ass et dach komesch, datt Regierungsmemberen a Patronat sech haut opreegen, datt d'Gewerkschaften net méi bereet sinn, egal wéi an ëmmer zu 3 mateneen ze verhandelen, well grad am Pensiounsdossier ass net eng eenzeg Kéier mat de Gewerkschafte verhandelt ginn.

D'Gewerkschaftsunioun OGBL an LCGB ass am Sujet Pensioune komplett vun der zoustänneger Ministesch ignoréiert gin. Mir sollten ecartéiert ginn, fir datt Regierung a Patronat de Pensiounssystem besser kéinten demontéieren.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Verhandlungen zu 3 priedegen, respektvoll a wa méiglech ouni een haart Wuert, awer da maachen, ewéi et hinne grad an de Krom passt. Dat ass de real existéierende Sozialdialog, deen d'Regierung praktizéiert.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Dës Regierung wëll mat System d'Aarbecht vun de Gewerkschaften erof maachen, eis net seriö huelen an eisen Asaz fir déi schaffend Mënschen am Fong lächerlech maachen. Esou eng Regierungspolitik huet mat Solidaritéit a sozialer Gerechtegkeet näischt méi um Hutt! An esou eng Regierungspolitik muss op de Widderstand vun de Gewerkschafte stoussen! D'Unioun vun OGBL an LCGB mécht esou ee Spill net mat!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Et sinn hei am Land och aner Zäite ginn. Zäiten an deenen de Premierminister seng Responsabilitéit kannt huet, seng Responsabilitéit geholl huet an a Krisesituatiounen d'Sozialpartner an eng Tripartite invitéiert huet. Zäiten an deenen an der Tripartite op Aenhéicht an am géigesäitege Respekt diskutéiert an och gestridde ginn ass.

Mee den Ënnerscheed zu haut ass, datt déi deemoleg Partner an der Tripartite gestridden hu, mam feste Wëllen ee Kompromëss, ee gemeinsaamt Resultat ze fannen, wat d'Land an d'Ekonomie weiderbréngt an d'Aarbechtsplazen an d'Mënschen, déi do schaffen, ofséchert.

Dësen Tripartitemodell huet net nëmmen zur Stäerkung vun eisem Sozialmodell a Krisenzäite gefouert. Dësen Tripartitemodell huet eist Land a schwierege Momenter politesch stabiliséiert an enorm zur Credibilitéit vu Regierung, Gewerkschaften a Patronat bäigedroen. Et war Rou am Land, well d'Mënsche Vertrauen an déi Politik konnten hunn.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Et soll och ee Premierminister gi sinn hei am Land, deen ouni Statec an ouni Direktiv de Mindestloun 10% opgebessert huet. Anscheinend reng an eleng aus dem Grond, well et dësem Mann seng Iwwerzeegung war, datt all Mënsch an dësem Land soll a muss um erschafene Räichtum kënnen deelhuelen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Dat ass haut bal net méi ze gleewen. Mee dat ass et ginn, echt, keng Fake News.

Dofir géif ech dem aktuelle Premierminister roden, amplaz op Harvard ze fueren an de Leit do Märercher iwwert säi soziaalt Europa ze zielen, soll en emol op Capellen fueren! Eng Nohëllefstonn iwwer Sozialpolitik a Gestaltung vun enger méi fairer a solidarescher Gesellschaft ass fir hien net vu Muttwëll.

An dem Aarbechtsminister, dem Marc, muss ech dann och soen, datt ee vu senge Virgänger och dofir gesuergt huet, datt de Mindestloun ëm 100 Euro opgebessert gouf. Och dat hat näischt mat Index oder Ajustement ze dinn! Mee ech mengen awer, hie weess dat.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

D'Realitéit hei am Land gesäit awer nun emol anescht aus. Et ass d'Politik vun dëser Regierung, de Rôle an d'Aarbecht vun de Gewerkschaften ze entwäerten, se erofzemaachen.

D'Regierung wollt den national repräsentative Gewerkschaften hiert Recht, fir Kollektivverträg ze verhandelen, am beschte Fall verwässeren oder am schlëmmste Fall ganz ewech huelen. Dëst war eng Attack op eis, op iech all hei am Zelt, op d'Acquise vun de Leit, déi am Privatsektor schaffen. Eng Attack, déi zesumme mam Patronat gefouert ginn ass!

Regierung a Patronat sinn haut e gemeinsame Bloc, eng gemeinsam Front géint d'Gewerkschaften, awer besonnesch géint d'Mënschen, déi vun eis vertruede ginn. Eng Front géint déi berechtegt Fuerderung vun dëse Mënschen, hiren haart erschafften Undeel um Räichtum vun dësem Land zougestanen ze kréien!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Keen Dag vergeet wou net den Aarbechtsminister, den UEL-President oder en aneren Acteur vun der schwaarzbloer Majoritéit e feierlechen Appell mécht, fir zu 3 op de Verhandlungsdësch zeréckzekommen.

Et kéint een zur Conclusioun kommen, datt mir d'Gewerkschaften et jo wierklech schlëmm dreiwe matt dëser Regierung. Et kéint een zur Conclusioun kommen, datt mir, d'Gewerkschaften, nu wierklech nëmme blockéieren an daat verstännegt Patronat jo am Fong am Stach loossen, wann et drëms geet, fir d'Wuel vu Land a Leit zesummen ze schaffen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Deem ass leider net grad esou! D'Regierung a Patronat wëllen eis vergiessen doen, datt se zesummen, op eng konzertéiert Manéier, dat schlëmmsten Attentat op de Sozialdialog duerchgezunn hunn, ewéi se sech un de Kollektivverträg an domadder un de sozialen Acquis vun de schaffende Léit, an hire Vertrieder de Gewerkschafte vergräife wollten.

Des Krise war hausgemaach an absolut onnéideg, an huet den Tripartitemodell begruewen an de soziale Fridden a Fro gestallt. An Kolleeginnen a Kolleegen, et war keng respektvoll Gespréicher zu 3, déi dëse Spuk en Enn gemaach hunn. Et war eng gemeinsam Manifestatioun vun der Unioun OGBL an LCGB matt 25.000 Léit, déi des idiotesch Iddi gestoppt hunn.

D'Unioun OGBL-LCGB huet de Premier Enn Juni 2025 opgefuerdert, fir erëm zum Tripartitemodell zeréckzekommen an dofir ze suergen, datt an dësem Kader gemeinsam Léisungen ausgeschafft solle ginn.

Wat ass dobäi erauskomm ? Eng Ronde sociale, wou nëmmen op Drock vun de Gewerkschaften ee strukturéierten Ordre du jour festgehale ginn ass.

An d'Resultat vun dëser Übung ? Näischt guer näischt. Decisioun vun der Regierung loung scho vun Ufank u fest an am Fong si mir als bëllegen Alibi benotzt ginn. Als Alibi, déi wei de Premier et jo gesot huet: D'Sozialpartner ginn sech net eens, also muss d'Regierung decidéieren! Dat war nach esou eng Frechheet, déi d'Gewerkschaften sech hu misse gefale loossen.

Villméi ass et esou, datt an deene jett Stonne quasi net verhandelt ginn ass, well Patronat a Regierung sech eens war, wat si wollten, mee och, wat si net wollten! An dofir, Kolleeginnen a Kolleegen, ass et eriwwer mat deem Gespills a Gebraddels!

Wann ee well aleng decidéieren an durchregéieren, esou kann een dat jo maachen. Mee, léif Regierung, dann ouni Gewerkschaften, mir stinn net als Alibi zur Verfügung. Huelt Är Responsabilitéit. D'Unioun OGBL an LCGB ass decidéiert. Mir waerten eis Responsabilitéit ganz secher huelen!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Et geet hei guer net ëm den Tripartitemodell. Et geet net drëms ob mir bilateral oder zu 3 diskutéieren. Et geet a Wierklechkeet drëms, datt d'Regierung hir Decisioun scho laang geholl huet. D'Käschte mussen erof an d'Beneficer mussen erop. Dee Prinzip zitt sech ewéi e schwaarz-bloe Fuedem duerch d'Regierungspolitik vun de leschte Joren. An dofir krute mir kee Resultat an der struktureller Opbesserung vum Mindestloun.

Dofir bréngе mir et och hei am Land net fäerdeg, am Kader vun der digitaler Plattformaarbecht, déi Mënschen, déi owes spéit nach mat der Pizza am Rucksak duerch d'Stroossen bei d'Leit Heem fueren, anstänneg ze bezuelen a sozial ze versécheren. Dat ass e reegelrechte Skandal!

Duerch dës Regierungspolitik bréngе mir et net fäerdeg, de Reclassement vu schwéier kranke Mënschen an de Maintien dans l'emploi anstänneg ze reegelen. De Chômage klëmmt a klëmmt, a wat mécht eis Regierung? Näischt, guer näischt, ausser eng digitaliséiert Gestioun vum Misär, déi et dann fäerdeg bréngt, d'Léit nach méi an d'Misär ze setzen.

Fir d'Situatioun hei am Land ze verbessere, brauch en Iddien, Engagement an e soziaalt Gewëssen. Politesche Leadership, amplaz d'Gouvernance an d'Gestioun vun der Kris!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Sozial Gerechtegkeet a Solidaritéit sinn net méi "in", géif des Regierung soen. Dës Prinzippien huet d'Regierung Amazon an Co, scho laang um Altor vun der Profitgier geaffert. Ausser Profitgier zielt an dësem Land näischt méi. Fric bei ëmmer méi Fric!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Dobäi gëtt et awer eng ganz grouss Ausnam. Dat ass d'Fonction Publique. Do ass der Regierung kee Wee ze wäit an och kee Resultat ze deier. Datt de Gruef tësche Privatsektor a Fonction Publique ëmmer méi grouss gëtt, datt de sozialen Zesummenhalt hei am Land an d'Bréch geet, dat interesséiert dës Regierung net.

De Risiko vum Chômage a vun der Krankheet läit voll op de Schëllere vun de Salariéen aus dem Privatsektor. Déi selwecht Salariéen, déi de Räichtum vun dësem Land erschafen a mat deenen hire Steieren de Sozialmodell hei am Land finanzéiert gëtt.

An d'Regierungspolitik féiert ëmmer méi zu enger Situatioun ewéi am Katar, wou eng Minoritéit sorgenlos a gutt bezuelt ka liewen an déi aner, déi grouss Majoritéit, muss kucke mat hire Probleemer eens ze ginn.

Ech wëll elo hei kloer soen, datt et mir net drëms geet der Fonction Publique eppes ewech ze huelen, et duerf keng Neidpolitik an dësem Land ginn. Ech mengen awer och, datt et de Fonctionnairen an den Administratiounen an an de Gemengen net kann egal sinn, wann d'Regierung am Privatsektor Krich géint d'Gewerkschafte féiert an am selwechten Otemzuch en Accord Salarial aus dem Hutt zaubert!

Et muss all Mënsch kloer sinn, datt esou eng Politik eis Gesellschaft spléckt a fréier oder spéider zu ferme Probleemer wäert féieren.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Tatsaach ass, datt d'Regierung de Sozialmodell an de soziale Fridden hei am Land zur Dispositioun stellt.

D'Gewerkschaften hunn elo iwwer 2 Joer mat der Regierung verhandelt, am CPTE, bilateral an der Ronde sociale an och an anere Kaffiskranzformater.

Näischt, guer näischt ass dobäi eraus komm. Um Verhandlungsdësch konnt net ee Resultat erreecht ginn. D'Resultat an der rezenter Stoltripartite ass och net op den heldenhaften Asaz vun de Regierungsmemberen zeréckzeféieren.

Nee, de Premier huet mat senger Geheimdiplomatie mam Big Boss vun ArcelorMittal zu Davos fir enorme Chaos an Duerchernee gesuergt! Vill méi muss een unerkennen, datt och de Management vun ArcelorMittal Lëtzebuerg mat de Gewerkschaften ee staarken zukunftsorientéierten Investitiounsplang op de Wee bruecht huet. Déi sozial Mesure fir de Personalofbau opzefänken, sinn ëmmerhi scho viru Joerzéngten an der Stolkrise verhandelt ginn a kommen och elo voll zum Droen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Eng Stoltripartite ass méi ewéi eng Foto, wann ënnerschriwwe gëtt.

Am Géigesaz dozou huet d'Gewerkschaftsunioun aus OGBL an LCGB missen déi gréisste Manifestatioun d'lescht Joer zanter Joerzéngten op de Wee bréngen, fir datt de Premierminister mat senger Regierung un d'Iwwerleeë komm ass.

Mir hunn domadder zwar dat Schlëmmst verhënnert, mee näischt fir d'Mënschen am Privatsektor erreecht, well einfach de Wëllen net do ass an déi politesch Prérogativen gesat sinn.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

D'Zäit vun de Verhandlungen ass um Enn ukomm. Et geet elo duer, et ass definitiv eriwwer!

D'Regierung hëlt hir Decisiounen a setzt mat hire Fraktiounen an der Chamber hir Politik ëm. A voller Fräiheet an a voller Responsabilitéit. Des Regierung huet vun Ufank un eng aner Approche zum soit-disant "Sozialdialog" gehat. Amplaz konstruktiv ze verhandele, gëtt eng Show no baussen ofgezunn a beim klengste Couac fënnt en Trommelfeier vu Regierungs a Patronatsvertrieder géint d'Gewerkschafte statt.

Et geet hei ganz kloer drëms, eis, d'Gewerkschaftsunioun OGBL an LCGB ze denigréieren an ze schwächen. Mee doriwwer eraus geet et och dreems, vun hirer Inkompetenz ofzelenken oder vun hirer Aversioun Problemer an engem soziale Gëscht ze léisen.

D'Gewerkschafte mussen deementspriechend och hir Gewerkschaftspolitik op de Wee bréngen. Mir mussen deemno déi néideg Decisiounen huelen an dat wat mir net um Verhandlungsdësch erreeche konnten, dat wäerte mir dann elo iwwert aner Moyenen erreechen!

Dëst ass net méi de Lëtzebuerger Modell, well deen ass mat esou enger Approche definitiv dout!

D'Zäit vum Handelen, vum Engagement ass komm an et soll hei am Land keen sech verdinn. D'Unioun OGBL an LCGB steet prett! Mir verlaangen eng gerecht Verdeelung vum Räichtum hei am Land an eng anstänneg sozial Ofsécherung fir déi schaffend Leit! D'Unioun OGBL an LCGB verlaangt Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet fir eis Gesellschaft, fir alleguerten d'Mënschen, déi hei am Land liewen a schaffen!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

De Premierminister huet anscheinend net nëmmen dem Patronat Prioritéit a Prérogativen a sengem Koalitiounsaccord ageraumt.

D'Fro stellt sech haut méi ewéi jee, wat den deemolege Spëtzekandidat mat der AMMD a verschidde Promoteure gemauschelt huet. Ambulant Antennen an engem grousse Bauprojet zu Wickreng, eng Klinik um Findel, déi net esou duerf heeschen? Eng dezentral Medezin, wou reng no ekonomesche Krittäre geschafft gëtt ? Wat gëtt hei preparéiert ? Eng Zwouklassemedezin nom däitsche Modell, wou dem Premier säin Dutzfrënn dem Kanzler Merz amgaangen ass de Kahlschlag ze prouwen!

Esou eng Politik geet op Käschte vum Assuré a vun de Salariéen, wou jo dann net méi ënnert de sektorielle Kollektivvertrag vun der Fédération des Hôpitaux kéinte falen. An déi selwecht Richtung geet de Refus vun der AMMD, fir déi nei verhandelt Konventioun mat der CNS net ze ënnerschreiwen.

An de Communiquéë vun der AMMD kann een et zimmlech kloer erausliesen: Si froen eng Entrevue beim Premier, fir hir Fuerderungen ëmgesat ze kréien.

Oder geet et ieren ëm d'Engagementer, déi de Premierminister den Dokteren am Zänndokteren am stillen Kämmerlein zougestanen huet? Ëm wat geet et hei? Datt Dokteren ouni Konventioun alles kënnen opschreiwen an alles a Rechnung stellen, wat se wëllen?

An datt d'Regierung duerch d'Hannerdier vun engem Reglement den Dokteren erméiglecht, datt se froe kënne, wat se wëllen an esou d'Remboursementer vun der CNS staark aschränken ? Datt also déi gesolpert Rechnung op d'Assuréen duerkënnt, déi sech muer vläicht eng anstänneg Krankeversécherung guer net méi kënne leeschten ? Datt de Premierminister seng Frënn vum Patronat matt niddregem Cotisatiounstaux kann zefridde stellen ? An datt deemno Finanzinvestisseuren, Promoteuren an eng

kleng Zuel vun Dokteren sech domm an dämlech um Réck vun den Assuréen an der grousser Masse vu medezineschem Personal ka beräicheren ?

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Ech wëll, ech muss hei kloer sinn: Sollt dat doten effektiv d'Regierungspolitik sinn, da wäerten all d'Dämm hei am Land briechen. Da wäert d'Unioun OGBL an LCGB eng Informatiouns- a Mobiliséierungscampagne hei am Land an och an der Groussregioun op de Wee bréngen, déi mir bis elo esou nach net kannt hunn.

An um Enn vun dëser Campagne ass dann de Generalstreik net méi ze verhënneren! Eis Sécurité sociale, eis Gesondheetsversécherung ass eis dat wäert!

An de Premierminister wier ganz gutt beroden dëse Sprengsaz ze desamorcéieren, well seng Ministesch ass sichtlech incapabel dat ze maachen! Dat weist d'Ministesch eis all Kéier, wa si relativ stümperhaft Initiativen ouni Kapp an ouni Schwanz hëlt, déi se da grad esou séier erëm fale léisst.

Déi chaotesch Approche, wat den Absenteismus ugeet, ass hei e ganz gutt Beispill. Eng Approche, déi net zéckt d'Mënschen ënner Generalverdacht ze stellen. Alles Simulanten, déi ee bei Krankmeldung just muss kontrolléieren, fir datt d'Zuele vum Absenteismus erof ginn. Wann dëst d'Konzept vun der Regierung ass, da kann d'Regierung apaken an ofdanken!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

D'Regierungspolitik huet eng aner Gewerkschaftsapproche néideg gemaach. D'Verhandlunge sinn zum Austausch vun Dokumenter verkomm. Politesch Decisioune gi gären hannert savanten mathemateschen Exercicen oder juristesche Spitzfindegkeete verstoppt.

Aus der Zesummenaarbecht vum OGBL an LCGB am Pensiounsdossier ass ee Front syndical entstanen, dee mat groussem Succès d'Manifestatioun vum 28. Juni organiséiert huet.

Den Nationalcomité vum OGBL an den Zentralcomité vum LCGB hunn d'Unioun des syndicats OGBL-LCGB op de Wee bruecht, fir strukturéiert an effizient kënne gemeinsam ze schaffen. Fir eng gemeinsam Gewerkschaftspolitik op de Wee ze bréngen an esou op déi beschtméiglech Manéier d'Intéreen vun de Salariéen hei am Land kënnen ze vertrieden.

Dës Unioun, dës Zesummenaarbecht, leeft exzellent an ass alles anescht ewéi en Zweckbündnis. D'Unioun OGBL an LCGB ass komm fir ze bleiwen, keng Eintagsfliege, éischter schonn e Schaffpäerd, dat onermiddlech Asaz gëtt.

Mir kënne mat Satisfaktioun feststellen, datt dës Unioun um gudde Wee ass sech ze realiséieren. OGBL an LCGB léieren sech elo anescht kennen an dat ass e Prozess, deen zwar net ëmmer ganz einfach ass, mee en ass néideg, en ass am Fong alternativlos!

**Mee Kolleeginnen a Kolleegen,**

Ganz harmonesch geet et och am LCGB net ëmmer erof. Eng Sträitkultur läit nun emol an der DNA vun all Gewerkschaft. Dofir loosse mir dës Unioun wuessen a vläicht mierken OGBL an LCGB, datt eis leschten Ends awer méi verbënnt ewéi eis trennt ?

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Als Gewerkschaft triede mir fir eng demokratesch, eng oppe Gesellschaft an, fir Toleranz a Mateneen an. Eisen Engagement fir Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet gëtt haut grad esou gebraucht ewéi virun 100 Joer. Mat eis gëtt et keen zeréck an dat Nonzéngt Joerhonnert.

Op eisen Asaz kënnt dir zielen! Dat war gëschter esou, dat ass et och haut, an och muer hu mir de feste Wëlle fir eis Iwwerzeegung anzetrieden.

Dofir gëllt: Vive d'Unioun OGBL an LCGB! Vive den 1. Mee!

Merci fir Är Opmierksamkeet an nach e ganz schéinen Dag hei zu Réimech.